ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3912

REÇU
Par Alff Christian , 10:22, 23/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Säit ville Joeren gëtt zu Lëtzebuerg an och an Europa reegelméisseg iwwer Antisemitismus debattéiert, dat net zulescht, well et leider ëmmer rëm zu deraarteg motivéierte Strofdote kënnt.

Dowéinst hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister:

1) Wéi eng Definitioun gëtt aktuell zu Lëtzebuerg applizéiert, fir antisemitesch motivéiert Strofdoten ze erfaassen? Spillt d'IHRA Definitioun vum Antisemitismus dobäi eng Roll a, wa jo, ginn d'Beispiller an där Definitioun vun der Justiz mat a Consideratioun gezunn?
2) Wéi vill antisemitesch motivéiert Strofdoten huet d'Police 2019 an 2020 zu Lëtzebuerg registréiert? Vu wéi enger Natur woren dës Strofdoten?
3) Zu wéi ville Verurteelunge koum et 2019 an 2020 am Kader vun antisemitesch motivéierte Strofdoten a wéi eng Täterprofiler (Nationalitéit, politesch oder reliéis Motivatioun, an esou weider) konnten identifizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 23 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3912 du 23.03.2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Crimes antisémites

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés